PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/09/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

D'lescht Joer gouf hei am Land eng CO2-Steier agefouert, dëst am Kader vum nationalen Energie- a Klimaplang Lëtzebuerg fir den Zäitraum vun 2021-2030. D'Recetten aus dëser Steier soll laut offizieller Richtlinn an engem gewëssen Ausmooss och fir konkret Klimaschutzmoossnamen an eng Energiewend mat massiven Entwécklungen am Beräich vun den erneierbaren Energie genotzt ginn. Mir befannen eis aktuell an enger Energiekris mat héije Präisser fir Gas an Elektresch.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wat genau ass mat de Recette vun der CO2-Steier bis elo gemaach ginn?
2. Firwat ass de Mangel un erneierbaren Energien nach ëmmer esou grouss, wann dach Gelder aus dem Energie- a Klimaplang a genau dëse Beräich fléissen?
3. Sinn d'Ziler bei den erneierbaren Energien a Punkto kWh vun deenen 2 Joer erfëllt ginn?
4. Opgelëscht op déi nächst 5 Joer (pro Joer) wéi vill Kilowatt un erneierbaren Energien gedenkt d'Regierung ze erreechen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député